GEMENG
SANDWEILER

**Dossier suivéiert vum**
Schäfferot ☎ 359 711-207
✉ college.echevinal@sandweiler.lu

**CSV Sandweiler**
**Madamm Massard-Stitz**
**Här Dumong**
**Här Lemmer**

Sandweiler, den 27. November 2025

**Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 30. Oktober 2025**
**Eis/Ref. : CSV - 2025.10.30 – CE - 3581-2025** **Är/Ref. : Äre Courrier vum 27. Oktober 2025**

Madamm Simone Massard-Stitz,
Här Dumong,
Här Lemmer,

Heimadde gi mir Iech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 30. Oktober 2025 hat.

**Fro 1:**

*"De 7. Juli huet d'Gemeng op hirem Facebook Account informéiert dass se den 30. Juni den Avant-Projet vum neie Ressourcenzenter virgestallt kritt huet.*

- *Wéini sollen de Gemengerot an d'Sandweiler Bierger dëse Projet virgestallt kréien?"*

**Äntwert:**

De Schäfferot deelt Iech mat, dass e Projet vum Ressourcenzenter virgestallt ginn ass.

No Récksprooch mat de Verantwortlechen ass bis elo awer nach näischt dat ka presentéiert ginn, well d'Planung nach voll am gaangen ass.

De Gemengerot kritt natierlech dëse Projet vun de Verantwortlechen "le moment venu" virgestallt.

Et muss och gekuckt ginn, a wéi enger Form dëse regionale Projet vun de Verantwortlechen den Awunner virgestallt gëtt.

**Fro 2:**

*"Am neie Park kann een an de lëschte Wochen divers Fortschrëtt feststellen.*

- *Wat ass den Aktuelle Stand vun den Aarbechten am Park?*
- *Wéi eng nächst Schrëtt si fir wéini geplangt?*
- *Wéini sollt de Park fäerdeg sinn a fir d'Bierger opgoen?"*



18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Boîte postale 11
L-5201 Sandweiler

Tél.: +352 35 97 11
Fax: +352 35 79 66

**info@sandweiler.lu**
**www.sandweiler.lu**

**Äntwert:**

Nodeems d'Aarbechten am Park e puer mol duerch den INRA / INPA (Archeologie, Göpelwerk an nationale Schutz vum Hentzenhaus) gestoppt waren, sinn dës elo an de leschte Méint normal weidergaangen.

Aktuell ass schonn d'Toilette gesat ginn, an et ass ugefaange ginn d'Spiller ze montéieren.

Den Entrepreneur wäert seng lescht Aarbechten an de Wanterméint ofschléissen.

Den Terraway, Endbelag fir d'Weeër, kann awer eréischt ab Abrëll gemach ginn, well dee 24 Stonnen net naass däerf ginn an och Temperatur net ënner 8°C däerf sinn.

Bis dohinner sinn och d'Planzen an d'Gras ugeséit, esou dass de Parc am Fréijoer fir de Public opgemaach ka ginn.

**Fro 3:**

*"Wéini sollen d'Aarbechten an der rue d'Itzig op der Kräizung rue d'Itzig / rue Hiel ukommen a wéi ginn dann des Aarbechten a virun allem de Verkéier organiséiert?*

**Äntwert:**

D'Aarbechten sollen an +/- 1 bis 2 Méint an der rue d'Itzig op der Kräizung rue d'Itzig / rue Hiel ukommen an dem aktuellen Tempo. De Verkéier gëtt organiséiert mat route barrée fir Infrastrukturaarbechten an duerno mat "chaussée rétrécie" fir de Reamenagement.

**De Schäfferot,**

Corine Courtois,
Schäffin

Claude Mousel,
Buergermeeschter

Georges Reuter,
Schäffe